



DE MARECHALAT DE LA COUR DEELT MAT

Den Ierfgroussherzog an d'Ierfgroussherzogin hunn déi grouss Freed, d'Gebuert vun hirem Jong matzedeelen. Hien ass haut, Sonnden, den 10. Mee 2020 um 5.13 Auer an der Stater Maternité Grande-Duchesse Charlotte op d'Welt komm.

Dee klenge Prënz kritt den Numm Charles Jean Philippe Joseph Marie Guillaume an huet e Gewicht vun 3,190 kg an eng Gréisst vu 50 cm.

Der Mamm an dem Puppelche geet et gutt.

D'Ierfgroussherzoglech Koppel freet sech elo schonn drop, hire Landsleit d'Kand kënnen ze presentéieren.

Groussherzogleche Palais, den 10. Mee 2020